



Echternach, den 13. Oktober 2017

Stellungnam vun der DP Echternach zu de Gemengewahlen vum 8. Oktober 2017

D'DP Echternach seet all sengen Wieler e groussen Merci fir hier Ënnerstëtzung.

Eis Equipe huet säin Wahlzil, den drëtten Sëtz am Gemengerot zréckzegewannen, leider net erreecht an gratuléiert den dräi aneren Parteien zu der Confirmatioun vun hiren dräi Sëtz.

D'DP Echternach ass domat während den nächsten 6 Joer nees mat zwee Conseiller'en am Echternacher Gemengerot vertraueden.

Éischt- an Zweetgewielten op der Lëscht vun der DP Echternach sinn de Spëtzekandidat André Hartmann an seng Duerschter, d'Carole Hartmann. Duerch déi gesetzlech virgeschriwwen Familien-Incompatibilitéit kënnen des zwee Kandidaten net zesummen am Gemengerot sëtzen, soudass de Marcel Heinen als Drëttgewielten an de Gemengerot réckelt.

Wat deen éischten Sëtz am Gemengerot betrëfft, wäert an enger éischer Phase, esou wéi mir ët während der Wahlcampagne no baussen kommunikéiert hunn, den André Hartmann als Éischtgewielten vun eiser Lëscht am Gemengerot sëtzen. Duerch de gudden perséinlechen Score vum Carole Hartmann kënnt ët allerdéngs relativ zäitno zum Generatiounswiessel an d'Carole Hartmann wäert den André Hartmann deen Moment am Gemengerot ersetzen.

D'DP Echternach wäert an de nächsten 6 Joer eng kritesch a konstruktiv Oppositionsaarbecht leeschten. D'Ziel ass a bleift ët den verlueren Sëtz nees erëmzegewannen an d'Zukunft vun Echternach an enger Majoritéit matzegestalten.

De Comité vun der DP Echternach